LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Culture

Luxembourg, le 19 JUIN 2017

Réf. : 81dx83440

Le Ministre de la Culture

à

Monsieur le Ministre aux Relations
avec le Parlement

Objet : Réponse commune de Monsieur le Ministre de la Culture et de Monsieur le Ministre de l'Education nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse à la question parlementaire no 2980 du 11 mai 2017 des Honorables Députés Claude Lamberty et Gilles Baum au sujet de la promotion de la langue luxembourgeoise.

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous communiquer en annexe la réponse commune de Monsieur le Ministre de la Culture et de Monsieur le Ministre de l'Education nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse à la question parlementaire no 2980 du 11 mai 2017 des Honorables Députés Claude Lamberty et Gilles Baum au sujet de la promotion de la langue luxembourgeoise, avec prière de bien vouloir la continuer à Monsieur le Président de la Chambre des Députés.

Pour le Ministre de la Culture

Guy Arendt
Secrétaire d'Etat

Annexe : réponse à la QP no 2980

139-000050-20090730 FR

**Äntwert vum Kulturminister a vum Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend op d'parlamentaresch Fro n°2980 vum 11. Mee 2017 vun den Hären Deputéiert Claude Lamberty a Gilles Baum betreffend d'Promotioun vun der Lëtzebuerger Sprooch**

Am Mäerz 2017 huet d'Regierung eng Strategie fir d'Promotioun vun der Lëtzebuerger Sprooch ugeholl, déi och d'Wichtegkeet vun der Villsproochegkeet ënnersträicht. D'Regierung ass der Meenung, datt et muss eng eenheetlech Strategie ginn, déi vun alle Concernéierte gedroen an op déi konsequent higeschafft gëtt. D'Festhale vu gemeinsamen an iwwergräifende Richtlinne soll e kohärente Suivi vun der Lëtzebuerger Sprooch erméiglechen. Dës Strategie fir d'Fërdere vun der Lëtzebuerger Sprooch wäert zesumme mat allen Acteure vun eiser Gesellschaft ausgeschafft ginn an an engem 20-Joresplang fir d'Fërderung vun der Lëtzebuerger Sprooch festgehale ginn.

Fir dësen 20-Joresplang auszeschaffen an der Regierung hiren Engagement fir d'Lëtzebuergescht nach weider ze stäerken, gëtt de Poste vun engem Kommissär fir d'Lëtzebuerger Sprooch geschafen. Seng Missioun wäert et sinn, d'Ministere vun der Educatioun an der Kultur am Hibléck op d'Promotioun vum Lëtzebuergeschen ze beroden an d'Efforten an deem Beräich vun alle Ministèren an Administratiounen ze koordinéieren. De Kommissär soll ënner anerem e Kader fir déi aktuell Mesuren an Efforte ginn, d'Kohärenz vun de sproochlechen Iwwerleeungen assuréieren, de Suivi vun de Mesuren institutionaliséieren an den Dialog tëschent deenen eenzelen Interessenten, déi sech mam Sproochgebrauch respektiv der Kultur zu Lëtzebuerg beschäftegen, opbauen, koordinéieren an um Liewen halen. De Kommissär gëtt a senger Aarbecht vun engem interministerielle Comité begleet a kann iwwert dee Wee och mat Missioune beoptraagt ginn.

Déi verschidde Mesuren, déi dee Strategiepabeier virgesäit (wéi d'Schafe vun engem Kommissär fir d'Lëtzebuergescht), ginn an e Gesetzprojet ageschriwwen, deen nach dëst Joer soll vun der Regierung approuvéiert an deposéiert ginn. Soubal d'Gesetz an der Chamber gestëmmt a publizéiert an de Kommissär nominéiert ass, definéiert hien d'Modalitéite vun der Zesummenaarbecht mat den Acteuren aus der Gesellschaft an déi vu privaten Initiativen ewéi ASBLen an deem Beräich.

Et gëtt eng ganz Rëtsch vun Associatiounen, déi sech fir d'Lëtzebuerger Sprooch asetzen, an d'Efforten, déi si an deem Kontext leeschten, sinn e wichtege Bäitrag fir d'Erhalen an d'Promotioun vun der Lëtzebuerger Sprooch. Déi zwee Ministèrë si reegelméisseg am Kontakt mat deenen Associatiounen an eenzel Vertrieder dovunner sinn och Member am Conseil fir d'Lëtzebuerger Sprooch (*CPLL*). Den ugekënnegte Kommissär fir d'Lëtzebuerger Sprooch wäert am Kader vu senger Aarbecht och am enke Kontakt mat deenen Associatioune stoen.

Initiativen, déi vun deenen Associatioune lancéiert ginn, gi reegelméisseg ënnerstëtzt, zum Beispill iwwer Subventioune vum Kulturministère. All privat Initiativ an ASBL, déi duerch hiert kulturellt Engagement, sief dat iwwer Literatur, Musek, Konscht oder Theater, d'Lëtzebuerger Sprooch fërdert a fleegt, ka beim Kulturministère e Subside ufroen. An deem Sënn gi regelméisseg Projeten, déi mat der Lëtzebuerger Sprooch verknäppt sinn, vum Kulturministère ënnerstëtzt, z.B. literaresch Wierker, Theaterstécker oder Kompositiounen op Lëtzebuergesch.

Déi Initiativen an ASBLen, déi sech reng fir d'Lëtzebuerger Sprooch asetzen, ginn net zousätzlech vum Educatiounsministère ënnerstëtzt. Dat ass anescht, wann e pädagogescht Zil ugepeilt gëtt, dat an eise Schoule kann ëmgesat ginn. Dofir huet de Service de Coordination de la Recherche et de l´Innovation pédagogiques et technologiques (*SCRIPT*) eng Konventioun mat *Freed um Liesen a.s.b.l.* fir verschidde Projeten an de Schoulen, wou och Bicher op Lëtzebuergesch concernéiert sinn.